



**Äntwert vun der Justizministesch Sam TANSON op déi parlamentaresch Fro n°7506 vum 25. Januar 2023 vum Här Deputéierten Roy REDING betreffend den Arrêt C-395/21 vum 12. Januar 2023 vum Europäeschen Geriichtshaff**

Froen 1 an 2

Wat d'Froen 1 an 2 ugeet, huet den Europäeschen Geriichtshaff festgehalen datt an der Relatioun tëscht engem Affekot an engem Konsument en Accord, deen nëmmen den applicabelen Stonnentarif fir d'Servicer vum Affekot ugëtt, net den Ufuerderunge vum Artikel 4 Paragraph 2 vun der modifiéierter europäescher Direktiv 93/13 entsprécht, well de Konsument am viraus muss opgrond vun präzisen Kritären déi wirtschaftlech Konsequenzen bewäerten kënnen, déi fir hien am Kader vun der Ausübung vum Mandat duerch den Affekot wäerten entstoen.

Den Europäeschen Geriichtshaff huet och festgehaalen (Punkt 41 vum Uerteel), datt wéinst der Natur vun de Servicer, déi vun den Affekoten geliwwert ginn, et dacks schwéier bis onméiglech ass fir virauszesoen wéivill Zait wäert néideg sinn fir den gefroten Déngscht ze liwweren respektiv op wéivill sech d'Gesamtkäschten fir den Client wäerten belafen.

Den Europäeschen Geriichtshaff huet e puer Pisten opgezeechent, déi d'Konformitéit mat der Transparenzfuerderung erméiglechen, déi vum europäesche Recht virgesinn ass.

Sou huet den Europäeschen Geriichtshaff drop higewisen, datt d'Informatiounen zum Stonnentarif vum Affekot kënnen ergänzt ginn entweder duerch eng Schätzung vun der absehbarer Unzuel u Stonnen, déi den Affekot wäert mussen schaffen, oder duerch eng Indikatioun vun enger Mindestzuel vun Aarbecht déi den Affekot erwaart mussen ze maachen, oder duerch eng Verpflichtung vum Affekot, mat raisonnablen Intervallen Rechnungen oder periodesch Relevé'en ze schécken, déi d'Zuel vun de geschaffte Stonnen uginn.

Dës Ufuerderunge sinn schonn am Règlement intérieur de l'Ordre des Avocats vum Barreau Lëtzebuerg (nodréiglech "RIO") am Artikel 2.4.5 virgesinn, andems ënner anerem vum Affekot verlaangt gëtt, datt en séngem Mandant am éischten Gespréich matdeelt wéieng Method hie wäert benotze fir seng Fraisen a Käschten ze berechnen.

Déi selwecht Bestëmmung vum R.I.O. gesäit och vir, datt den Affekot seng Clienten iwwer all Ännerung vun der Berechnungsmethod informéiert muss halen, an datt hien de Clienten all nätzlech Informatioun betreffend d'Uwendung an der Praxis vun der Berechnungsmethod muss ginn.

Et ass also a priori keng legislativ Interventioun néideg, fir desem Uertdeel gerecht ze ginn.



### Fro 3

Et gëtt aktuell keng Iwwerléungen fir en obligatoreschen Tarif fir d’Affekoten anzeféieren, deen um Sträitwäert baséiert.

Souwuel den Artikel 38 vum Gesetz iwwert de Beruff vum Affekot wéi den Artikel 2.4.5. RIO forcéieren aktuell den Affekot, wann en säin Stonnentarif fixéiert, net nëmmen den Sträitwäert mee och den Schwierigkeetsgrad vum Dossier, d’Resultat, d’finanziell Situatioun vum Client, d’Erfahrung vum mandatéierten Affekot an sain Ruff ze berücksichtegen.

### Fro 4

Betreffend d’Ënnerhaltszuelungen tëscht fréieren „Conjoints“ ass net geplangt esou e Barème virzegesinn. De Familljeriichter kuckt, fir d’Alimenter ze fixéieren, déi konkret Emstänn vun all Famill a ka soumat all Situatioun individuell Rechnung droën.

Lëtzebuerg, den 23. Februar 2023.

D' Justizministesch

(s.) Sam Tanson